# CONCEPT MAPS

powered by OASYS4schools




https://www.oasys4schools.lu/conceptmaps/

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

## WAT ASS CONCEPT MAPS?

Concept Maps ass eng Method an en digitale grafeschen Tool an engem. Den Tool ass aus enger Collaboratioun tëschent OASYS4schools, der Uni Lëtzebuerg an dem SCRIPT entstan. E ka genotzt gi fir Inhalter op eng logesch an organiséiert Aart a Weis duerzestellen, an et ass eng villsäiteg Method fir ze léieren, ze ënnerriichten a Wëssen ze testen!






**Quell:** Weinerth, K., Koenig, V., Brunner, M., & Martin, R. (2014). Concept Maps: A useful and usable tool for computer-based knowledge management? A literature review with a focus on usability. Computers & Education, 78, 201-209.

## CONCEPT MAPS BIDD ENG REI VIRDEELER:

- Stellt Inhalter intuitiv an einfach duer
- Verstäerkt Léierfähegkeeten
- Reduzéiert en Text op essentiell Informatiounen
- Strukturéiert Léieren
- Hëlleft dobäi, Gedanken effektiv ze sortéieren
- Stellt Konzepter an Theemen anschaulech duer
- Encouragéiert Schülerinnen a Schüler, fir kreativ ze denken
- Vereinfacht d'Reflektéieren
- Erméiglecht eng interdisziplinar Aarbechtsweis

### Firwat Concept Maps?

Komplizéiert Ofleef, Theemen a Konzepter sinn oft schwéier ze veranschaulechen, an et ass net einfach anzeschätzen, ob d'Schülerinnen a Schüler déi schoulesch Matière verënnerlecht hunn. Concept Maps bitt eng Léisung fir béides, a maximéiert esou d'Potential vun all Schoulstonn; virun allem bei Schülerinnen a Schüler, bei deenen d'Revisioun just aus Iwwerliese besteet, a bei deenen, déi Schwieregkeeten hunn, sech auszedrécken. Hei kann eng Concept Map hëllefen, fir si aktiv ze fërderen an hinnen ze hëllefen, hiert Wësse besser ze strukturéieren an esou derzou bäidroen, Probleemléisungskompetenzen ze entwéckelen.


## WÉI KANN EEN CONCEPT MAPS BENOTZEN?

Concept Maps kënnen ënnert anerem fir Revisioun, Evaluatioun, Hausaufgaben, Aarbechtsblieder, Eenzel- a Gruppenaarbecht oder éischt Entwërf agesat ginn, a kënne vill Formen unhuelen:

- Stammbeem
- Komplex Geschichten
- Natierlech Kreesleef
- Vernetzung vu Konzepter
- Resuméen
- Concept Maps fir auszefëllen
- Iddie sammelen a vernetzen
- A villes méi


## HEI ËNNENDRËNNER FANNT DIR E PUER BEISPILLER, WÉI CONCEPT MAPS KANN AGESAT GINN:

1. An der Geografie fir verschidden Aspekter an Zesummenhäng vum Buedem besser ze verstoen:




**Quell:** Hoffmann, T. (2019). Concept Map zum Thema „Boden – eine existentielle Ressource?“. Onveröffentlecht. Erstallt am Optrag vun der Uni Lëtzebuerg. Gekierzt vum Björn Rohles.

2. An der Biologie zum Beispill fir den Opbau vun enger Déierenzell ze weisen:



Fir den Concept Maps selwer eng Kéier auszeprobéieren, gitt op den:

https://www.oasys4schools.lu/conceptmaps/




Bei weideren Froen zum Concept Maps Tool, schreift eis op:

conceptmaps@uni.lu

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

OASYS
for schools